N°2180
Entrée le 05.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister Eric Thill op d'parlamentaresch Fro n° 2180 vum 3. Abrëll 2025 vun der Honorabeler Deputéiert Françoise Kemp**

Der Honorabeler Deputéiert hir Froe bezéie sech op d'Suitten no der Verontreiung vu Sue beim Centre de Documentation sur les Migrations Humaines (CDMH).

Wéi de Kulturministère iwwert dës Faiten informéiert ginn ass, huet en – genee wéi d'Gemeng Diddeleng – de Parquet doriwwer a Kenntnis gesat. De Kulturministère huet d'Konventioun mam CDMH, an déi domat verbonne finanziell Mëttel, zu deem Zäitpunkt weidergefouert, mat dem Zil, d'Aarbechtsplazen an der ASBL z'erhalen.

Nieft dem neie Gesetz vum 7. August 2023 iwwert d'Associations sans but lucratif, dat e méi präzise Kader fir finanziell Operatiounen definéiert, goufen et a leschte Joren och eng Rei Moossname säitens dem Kulturministère, fir eventuell Onreegelméissegkeeten an der finanzieller Gestioun vun de konventionéierten Associatioune fréizäiteg ze detektéieren. Dës Upassungen ëmfaasse souwuel e bessere Kontrollmechanismus an den neie Konventiounstexter vum Ministère, souwéi och d'Aféierung vun interne Prozeduren, fir méiglech Mëssbräich ze detektéieren.

De genannten Audit gouf vum CDMH an Optrag ginn a vun der Gemeng Diddeleng bezuelt. E gouf 2024 ofgeschloss an déi concernéiert Servicer vum Kulturministère goufe vun der Conclusioun a Kenntnis gesat. Fir de Ministère besteet aktuell keen Ulass fir zousätzlech zu den uewegenannte Mesuren, weider Schrëtt z'ënnerhuelen. Et läit an der Kompetenz vum CDMH fir z'entscheeden awéiwäit iwwert dësen Audit kommunizéiert gëtt.

Lëtzebuerg, den 5. Mee 2025

De Kulturminister

(s.) Eric Thill